# Eng kleng Ofspeckkur

Cléo Thoma

Mat kolossale Quantitéite vu Foie gras, Austeren, Schampes, deiere Cadeauen a Knupperten ass hei am Land dat lescht Joer op en Enn gaangen. Wat heescht hei Kris? Déi Lëtzebuerger Konsumenten a Konsumentinnen hunn akaf wéi nach nie. Sinn dat gutt Virzeeche fir dat neit Joer, oder gouf ieren eng leschte Kéier alles dropgemaach, ier et definitiv d'Baach erageet? A wéi steet et mat där kultureller Offer, am Kontext vun der abléckle-cher Finanz- a Wirtschaftskris?

All Januar observéiert een an de Fitnesszentren an op de Bëschweeër deeselwechte Phänomen: Leit, déi een hei nach nie begéint ass, mat fusch-neien, schnéiwäissen Turnschlappen oder Lafschung, betätege sech mat groussem Enthusiasmus sportlech. E Kolleg vu mir nennt dat „de Syndrom vun der Dinde“: deenen iwwerflëssege Fettreserven, déi ee sech an deene leschten Deeg – heiansdo an deene leschte Joren – ugeluegt hat, gëtt mat Feieräifer op de Pelz geréckelt. Sou wéi bis elo kann et net virugoen. Et muss ofgespeckt ginn!

Wat déi kulturell Offer hei am Land ubelaangt, hu mer och fett Zäite kannt. Mir goufe verwinnt, virop mat prestigiéisen Institutiounen, déi usprochsvoll Spektakelen an Aktivitéite gebueden hunn – an dat ass ganz gutt esou. Et däerf ee schwéier hoffen, datt dat och esou weidergeet! Ma nieft deene sëllegen dichtege Concerten, Theaterstécker, Ausstellungen, etc., déi e Publikum aus der ganzer Groussregioun ugelackelt hunn an deene ville Pärelen, déi äerdeg kulturell Acteure mat klenge Moyenen awer groussen Iddien geschafen hunn, hu mir hei zu Lëtzebuerg och den Exzess kannt. Kulturzentre si wéi Champignonen aus dem Buedem geflutscht – a si maachen et nach ëmmer; all Kouduerf hat op eng Kéier säi Museksfestival; eng Première huet där anerer d'Leit ewechgeholl; mer hate souvill Goss, datt mer souguer an d'Ausland restauréieren a feiere goungen, an och heizulands goufen et Kulturevents drop an derwidder: an dem Publikum, ëm deem seng Gonscht gestridde gouf, ass et ganz dronke ginn, wann en dann iwwerall wollt derbäi sinn. Oder e gouf es midd, andauernd zum effrenéierte Kulturkonsum gekëddelt ze ginn an huet sech blaséiert eweggekéiert.

Woren déi opulent Kulturhäppercher a Banqueten an deene leschte Joren a Méint, grad ewéi dat bommegt Chrëschtgeschäft 2008, vläicht ieren e lescht sech-an-d'Broscht-geheien virun der grousser Degringolade? D'Autoritéite warnen eis, déi nächst Zäite géife schwiereg ginn: natierlech fäert do jiddferee fir d'éischt ëm säin eegene Portemonni: mä ass a méi more Méint net och d'Kultur vu vir eran een designéiert Affer? Hir Haaptsponsoren a Mäzenen hunn elo ganz aner, grouss Suergen. A laang ass d'Lëscht vun de Kulturinstitutiounen, dacks dichtegen Etablissementer, déi an eisen Nopeschlänner an deene leschte Joren hu missen hir Dieren zoumaachen, well se keng Subventioune méi kruten. Blitt eis zu Lëtzebuerg elo datselwecht?

Anescht gesinn: wann déi kulturell Offer heizulands eng Grimmelchen noléisst, hu mer – reng quantitéiteméisseg – ëmmer nach genuch. Eng kleng Ofspeckkur, och an dësem Beräich, ass vläicht ganz gesond. Woubäi een natierlech hoffe muss, datt net op der falscher Plaz gespuert gëtt: datt net deene flotten an originellen Initiativen onbaarmhäerzeg d'Loft ewechgeholl gëtt, iwwerdeems wou anerwäerts déi iwwerflësseg Fettpolstere weider wucheren. Wa scho Regime muss gehale ginn, da richteg: et soll jo Fett ofgebaut ginn, keng Muskelen. Datt déi grouss kulturell Etablissementer zu Lëtzebuerg weiderfonctionnéieren, steet wuel net zur Fro: et ass wënschenswäert, datt se a méi schwéieren Zäiten net forcéiert ginn, hir Präispolitik zu Ongonschte vun engem mannerbemëttelte Publikum ze veränneren. Et ass och ze hoffen, datt dat, wat am Kulturbudget nach ze verdeelen ass, wann déi Grouss bis dru woren, net just iergendwelche Günstlingen zegutt kënnt – zemools wann déi um Pouvoir an näch-

*D'Cléo Thoma ass Kulturredactrice beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*

ster Zukunft och musse méi spuersam sinn. Deene Kulturakteure mat manner Moyene mä flotten Iddien, vun deenen ech am Ufank scho Rieds hat, wënschen ech dofir ganz besonnesch vill Gléck a vill Courage fir déi nächst Zäit. ◆

*Kulturchronik vum 6.1.2009*

Montag, 16. Februar 2009
ab 18 Uhr | Eintritt frei

Bar Exit07 – CarréRotondes
1, rue de l'Aciérie, Luxembourg

## Alles Nimby, oder ...?

### Umweltschutz in Konflikt mit wirtschaftlichen und sozialen Interessen

Rundtischgespräch mit

**Jeannot Krecké** (Wirtschaftsminister)
**Blanche Weber** (Mouvement écologique)
**René Winkin** (Fedil)
**Jean-Claude Reding** (OGBL)

Organisation: Woxx, in Zusammenarbeit mit RTL

forum

Gutschein für die kommenden drei Ausgaben

Name:......................................................................................

Vorname:..................................................................................

Adresse:...................................................................................

..............................................................................................

Tel.:................................. E-Mail:.......................................

Bitte ausfüllen und einsenden an:
*forum* a.s.b.l.
52, route d'Arlon
L-1140 Luxembourg
Tel.: + 352 42 44 88
E-Mail: forum@pt.lu

**forum**
für Politik, Gesellschaft und Kultur

gegründet 1976
Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Durchschnittliche Auflage: 1 900 Expl.
10 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680 - 2322

**Ständige Mitarbeiter**
Jean-Paul Barthel, Lex Folscheid, Olivier John, Thomas Köhl, Michel Pauly, Jürgen Stoldt, Viviane Thill

**Koordination**
Lynn Herr

**Autoren dieser Ausgabe**
Gilles Bouché, Paul van Buitenen, Norbert Campagna, Paul Delaunois, Jean Lamesch, Catherine Lorent, Edith Müller, Michel Pauly, Jürgen Stoldt, Cléo Thoma, Serge Tonnar

**Interviewpartner dieser Ausgabe**
Martine Reicherts

**Originalillustrationen**
Olivier John

**Foto Cover** © Communautés européennes, 2009

**Druck** c.a.press, Esch/Alzette

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.
© 2009 by *forum* a.s.b.l.

**Bezugspreise**
Einzelheft..........................................6 Euro
Jahresabonnement...........................50 Euro
Jahresabonnement im Umschlag.....62 Euro
Studenten, Arbeitslose und
Geschenkabonnements...................38 Euro
Jahresabonnement im Ausland........62 Euro

Überweisungen auf das
*forum*-Postscheckkonto
IBAN LU83 1111 0611 5444 0000
mit dem Vermerk „Neuabo ab Nr …"
und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft und dem Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche für die finanzielle Unterstützung.

**52, route d'Arlon**
**L-1140 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 Fax: 42 44 99**
**E-Mail: forum@pt.lu**
**Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr**

**www.forum.lu**